

Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei  
4, rue de l'Eau  
L-1449 Luxembourg

Rued-Syr, den 23. Mäerz 2019

Här Parteipresident,  
Léiwe Frank,

Et ass mat schwéierem Häerz dass ech heimat leider annonciéiere muss dass ech meng CSV  
Memberskaart ofginn.

No zwou Woche Bedenkzäit, sinn ech zu dëser entgültiger Decisioun komm an dat  
haaptsächlech wéinst dem Grond, deens du mir vermëttelt hues, firwat de 'Waiserot' mech  
net mat op d'Europalëscht geholl huet, nämlech: Dass ech, an hiren Aen, "d'Mëtt vun der  
Gesellschaft net vertrieiden".

An enger Gesellschaft déi bal zu 50% aus Leit besteet déi net Lëtzebuenger sinn, mengen ech  
nämlech dass ee wéi ech, den sech mat ville Communautéiten zu Lëtzebuerg  
identifizéiere kann, grad zur Mëtt vun der Gesellschaft gehéiert. Iwwert di läscht  
Joerzénge huet eis Gesellschaft sech vill weider entwéckelt an ech sinn eben e Produit vun  
deene multipellen Identitéiten déi eis an enger ëmmer méi globaler Gesellschaft definéieren.  
Ech sinn och ganz Stolz drop Virfaren ze hunn, déi vun allen Ecker aus Europa an der  
westlecher Zivilisatioun stamen an dass meng Kanner esouguer Recht op véier Päss hunn.

Wann ech net zur "Mëtt" vun der Gesellschaft gehéiere sollt, dann muss ech mir ganz  
fundamental Froe stellen wat d'Mëtt fir d'CSV ass an op d'Partei dann net e falscht Bild vun  
eiser Gesellschaft huet. Villäicht misst d'CSV hiert Bild vun der Gesellschaft  
éischer iwwerdenken, wéi meng Positioun par Rapport zu der Gesellschaft a Fro ze stellen.

Ech sinn an d'CSV bäigetruede well ech mech mat enger Rei Prinzipien am  
Grondsazprogramm gutt konnt identifizéieren, dorënner notamment:

- D'zentral Roll vum Mënsch an der Gesellschaft
- D'Ënnerstëtzung fir d'Familljeliewen
- D'sozial Maartwirtschaft
- De Prinzip vun der Subsidiaritéit
- De sozialen Zesammenhalt vum Vollek

Ech hu während menger Zäit an der CSV ëmmer erëm probéiert och nei Iddien am  
Interêt vun der Partei, vun eisem Land an och Europa eran ze bréngen, op dat am Kader  
vum Walprogramm fir d'Nationalwahlen war oder duerch mäi Gemengerotsmandat zu

Betzder – dëst besonnesch an de Beräicher vun nohalteger Entwécklung an och Aussen- an Europapolitik. Leider hunn ech och ëmmer erëm Resistenz zu dësen neien Iddie gespuert, obwuel ech dobäi ëmmer d’Kohärenz mam Grondsazprogramm versicht hunn ze ënnersträichen an ze vermëttlen.

Mee ech wäert weiderhinn fir déi Prinzipien a Valeure kämpfen. Mir brauche grad elo, wou mir mat Problemer wéi Klimawandel, Migratioun an Inegalitéit konfrontéiert sinn, urgent Aktioun. Ech gleewen un e méi kompetent, reforméiert an unifizéiert Europa dat am Kampf géint dës global Erausforderungen eng virreider Roll kann iwwerhuelen. Mir kënnen eis et net erlaaben ze waarden – mir mussen elo direkt handelen!

Dofir ass d’Zäit komm dass ech meng Energie an Iddien op Platzen asetze wou meng Contributiounen méi geschat ginn an och Wëllkomm sinn.

Wéinst all deene Grënn, kann ech der CSV hier Approche zur lëtzebuerger Gesellschaft an och externer Weltanschauung net weider ënnerstëtzen. Dës Décisioun ass awer sécherlech net op dech perséinlech zréck ze féiren well ech daï rhetoresche Stil an deng intellektuell Kompetenze schätzen, och wann eis Vuen sech net ëmmer iwwerschneiden.

Ech wënschen Iech alleguer awer bonne Chance fir d’Zukunft an hoffen Dir gitt erëm zu där Partei déi ärem Numm a Grondsazprogramm würdeg ass.

Léif Gréiss,



Christopher Lilyblad